



N°6722
Entrée le 26.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.08.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. August 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Déi ënnerschiddlechst Ëmstänn kënnen dozou féieren, dass d'Beamte vun der Police eng Verfolgungsjuegd mussen aleeden. Duerch déi héisch Vitessen an insgesamt d'Natur vun enger Poursuite besteet e Risiko, dass et zu Accidenter kënn.

An deem Zesammenhang wëlle mir dem Här Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Accidenter sinn an de leschte 5 Joer während enger Poursuite geschitt?
- Wéi vill schwéier Blessuren sinn op des Accidenter zeréckzeféieren?
- Wéi héisch ass de Schued un de Policegiefierer, deen all Joer duerch Poursuitten zustane kënn?
- Wien muss am Fall vun enger Poursuite informéiert ginn?
- Muss eng Poursuite am Virfeld geneemegt ginn, respektiv kann eng Poursuite verweigert ginn?
- Wa jo, vu wem a wat wieren d'Grënn dofir?

Mat déiwem Respekt,

Carlo Weber
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten